ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an un den Här Transportminister weiderzeleeden.

De 25. Mee huet den Direkter vum Cluster for logistics en Interview um Radio 100,7 ginn. An der entspriechender Emissioun ass hien ënner anerem op der Regierung hir Klimaziler fir den nationale Logistik Secteur agaangen. Dës ginn deelweis iwwer d'Ziler vun eisen Nopeschlänner raus an déi verantwortlech Acteure wëssen net, wéi se déi Reduktioun vun den Zäregasemissioune bis 2030 solle bewierkstellegen. Des Weidere fillt de Secteur sech vun der Regierung bei dem Asaz vu scho bestoenden Technologien, wéi zum Beispill méi grousse Camionen de sougenannte "Gigaliner" net ënnerstëtzt. Obwuel des Gefierer a villen europäesche Länner zougelooss sinn, hunn se bis lo zu Lëtzebuerg mol net dierfe getest ginn. Des Weideren ass d'Laascht pro Achs no Ausso vum Direkter vum Cluster for logistics net méi héich, wéi bei aktuelle Camionen, wouduerch des och keng zousätzlech Schied fir eise Stroossebelag kënne verursaachen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

1) Ob wéi eng Prognosen zum technesche Fortschrëtt berout dat Zil vun der Reduktioun vun den Zäregasemissiounen am Logistiksecteur em 48 Prozent bis 2030?
2) Ob wéi engen demographesche Prognosen berout dat uewen zitéiert Zil, wuelwëssend, datt méi Awunner och méi Logistik géife viraussetzen?
3) Wéi begrënnt d'Regierung hir Entscheedung fir déi sougenannt Gigaliner net mol an enger Testphase zouzeloossen, obwuel des keng zousätzlech Belaaschtung fir eis Stroossen duerstellen?
4) Am Persounentransport probéiert d'Regierung d'Zäregasemissiounen duerch eng Ëmstellung vu ville klenge Gefierer op méi grouss Eenzelgefierer (zum Beispill vun de Privatautoen ob de Bus) ze reduzéieren, well eenzel grouss Gefierer proportional manner Zäregaser ausstousse wéi vill klenger. An deem Sënn sinn och Busse mat 25 Meter Längt fir den Transport an der Stat Lëtzebuerg zougelooss. Wéi eng Ursaache schwätzen dogéint, fir des Konzeptioun op de Giddertransport ze iwwerdroen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten